N°49
Entrée le 29.12.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, vum Här Inneminister, a vum Finanzminister op d'parlamentaresch Fro n° 49 vum 28. November 2023 vum Här Deputéierten Sven Clement an vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

**Fro 1**

Aktuell ass op Basis vun den entspriechende Slot-Reservéierunge vun enger Rotatioun an der Woch auszegoen, mat Arrivée Donneschdes Owes an Départ Freides am fréien Nomëtteg. Annoncéiert ass den Asaz vun engem *Airbus* A350-900 mat enger maximaler Kapazitéit vun 314 Passagéier. Zum Vergläich, déi aktuell gréissten Passagéiermaschinnen, déi um Findel agesat ginn, hunn eng Kapazitéit vu ronn 200 Passagéier. Dobäi ginn aktuell schonn am Non-Schengen Beräich zäitweileg méi Maschinne parallel ofgefäerdegt.

De Fluch ass operativ a Konzertatioun mat dem "Groundhandler", souwéi mat der Police an der Douane virbereet ginn. Fir d'Offäerdegung si weder zousätzlecht Personal, nach Investitiounen an d'Infrastruktur virgesinn.

**Fro 2**

D'Grenzkontrolle sinn esou opgestallt, dass d'Operationalitéit vun de Guichets bei Arrivée an Departe vun de geplangte Vollen aus China ka garantéiert ginn, am Respekt vun den Dispositioune vum *Schengen Border Code*.

D'Unitéit UPA vun der Police, *LuxAirport* a *China Southern airlines* hunn sech méimoleg concertéiert fir de groussen Impakt op net-Schengen Operatioune ze präparéieren.

D'Gestioun vun de Vollen läit an der Verantwortung vu *LuxAirport*.

**Fro 3**

D'Ekippe bei der Douane um Flughafe sinn op déi potentiell Méibelaaschtungen duerch déi direkt Vollen aus China preparéiert. Wéi bei all nei Drëttlandsvollen üblech, sinn d'Ekippen an dëser éischter Phase, an där de Flux nach nei ass, renforceiert. An enger zweeter Phase, baséierend op deenen éischten Erfahrungswäerter, ginn d'Ekippe gegeebenefalls ugepasst. Dëst natierlech am Aklang mat de weideren Attributionen vun der Douanesverwaltung.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Froen 4 a 5**

Et falen, wéi fir all aner Fluchbeweegungen, déi reguléiert a publizéiert “Airport Charges” un. *(https://www.lux-airport.lu/corporate/business-partners/airport-fees-and-charges/).*

Am Fall vun de “Landing Charges” sinn dës onofhängeg vum benotzte Fligertyp. Vu Säite vu *LuxAirport* ginn et keng “Incentives” a Form vu reduzéierten “Airport Charges”. Nieft dësen “Airport Charges” kritt *LuxAirport* och nach indirekt Recetten duerch d’Parkingsgelder an de Revenue vun den Commercen, also de Konsum vun de Passagéier vun den *China Southern* Flich um Fluchhafen.

Lëtzebuerg, den 29. Dezember 2023

D' Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes